N°1502
Entrée le 10.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°1502 vum 12. November 2024 vun den honorabelen Deputéierten Fred Keup an Dan Hardy.**

Déi honorabel Deputéiert stellen Froen a wéi enge Fäll de Staat d'Käschten vum Führerschäin iwwerhëlt.

De Staat iwwerhëlt mengen Informatiounen no d'Käschte vum Führerschäin bei zwee Beamten aus dem Mobilitéitsministère esou wéi och bei Zaldote vun der Arméi.

Aus professionelle Grënn hunn zwee Beamte vum Mobilitéitsministère d'Führerschäiner vun de Kategorien A, C, CE an D finanzéiert krut, well si an der zoustänneger Kommissioun siegéieren, déi d'Examinateurë vun der SNCA préift, déi, déi d'Führerschäinsexame organiséieren. Well den Examen och e prakteschen Deel huet, mussen des zwee Beamten, och d'Führerschäiner vun de jeeweilege Kategorien hunn.

Bei der Arméi ass et esou, dass en Zaldot a senger Déngschtzäit de Militärführerschäi bei der Arméi maache kann, wann dat engem operationelle Besoin entsprécht. Dëse Führerschäin ass wesentlech fir op Gefierer am Kader vu Missiounen hei zu Lëtzebuerg oder am Ausland kënnen ze fueren. Dat gëllt fir Gefierer déi fir militäresch Asätz bestëmmt sinn ewéi och fir Transportgefierer fir d'Material oder d'Personal.

De Militärführerschäin kann och op den normale Führerschäin iwwerschriwwe ginn, wat och zur Attraktivitéit vun der Arméi bäidréit.

Folgenden Tableau renseignéiert iwwert d'Militärführerschäiner déi vun der Arméi an de läschten 3 Joer ausgeliwwert goufen:

| Führerschäin | Kategorie | Zuel vun Militärführerschäiner 2021 | Zuel vun Militärführerschäiner 2022 | Zuel vun Militärführerschäiner 2023 |
|---|---|---|---|---|
| Auto | B | 9 | 8 | 3 |
| Camion | C | 71 | 66 | 61 |
| Bus | D | 6 | 5 | 3 |
| Remorque >750 kg | E2 | 34 | 27 | 26 |

Des Weidere kann d'Arméi op Basis vum Artikel 86, Paragraph 3, vum Arméisgesetz dem Zaldot eng Rei Käschten, déi am Kader vu sengem Reconversiounsprojet entstinn zréckbezuelen. Sou ass et z.B. méiglech, dass en Zaldot, wärend der Reconversioun am Zivillen de Bus- oder Camionsführerschäin mécht. Déi domadder verbonne Käschte kann de Zaldot da ganz oder zum Deel vun der Arméi zréckbezuelt kréien.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes